# MOIEN

Mäi Numm ass Chiara Schroeder an ech sinn ab der Schoulrentrée d'Joffer vun dir / Ärem Kand zu Kietscht an der Spillschoul.



Ech freeë mech drop Äert Kand / Iech kennenzeléieren. Zesumme wäerte mir bestëmmt vill Flottes an der Spillschoul erliewen.

Fir dass du weess, wéi et an eiser Spillschoul ausgesäit, invitéieren ech dech / Iech ganz häerzlech op eng kleng Pré-Rentrée : Dënschdes, den 12. September 2023 tëscht 16h00 a 18h00 kanns du mat denger Mamma / dengem Pappa luusse kommen.

Eise Klassesall ass hannen am Gebäi vun der Maison Relais, um 1ten Stack.

Wann nach Froe sinn, kënnt Dir mir eng Email schreiwen op: chiara.schroeder@education.lu

Reservéiert Iech w.e.g. elo schon den Owend vum 21. September 2023 fir den Eltereninformatiounsowend.

Du / Dir kënnt des Saachen mam Numm drop schonn ob d'Pré- Rentrée matbrengen:




Eng grouss Eco- Tuut



En Becher ouni Deckel fir Waasser an Mëllech an der Schoul ze drénken.




Gummisstiwwelen (déi an der Schoul bléiwen)




Bullisbox (déi an der Schoul bleiwt)



Anti - Rutschstrëmp



eng Këscht Nuesschnappecher




Schlappen

An dengem Schoulsak fir op de Réck (ouni Rieder) sinn all Dag:



eng gesond Collatioun an enger Këscht



eng Stoffzerwéit



ee Bidon mat Waasser

En Turnsak, deen an der Schoul bleift, mat:



Turnschung (ouni Stréckelen)



T-Shirt



kuerz Box

En Rucksaak fir schwammen ze goen, mat:



engem groussen Handduch fir den Kierper
engem klengen Handduch fir d' Féiss




engem Maillot oder enger Schwammbox



enger Kämmbiischt



enger Schwammkap aus Silikon

D'Seef fir an der Dusch kritt Ärt Kand vun mir.

Eng Tuut mat Wiesselkleeder, déi an der Schoul bleiwt, mat:

- enger Box
- engem Pullover
- engem T-Shirt
- Stremp
- Ennerwäsch

❗ Denkt drun, de Numm vun Ärem Kand ob alles ze schreiwen.

Ech këmmere mech ëm déi aner Schoulsaachen ( Classeur, Schiertech, Faarwen, Tuschbicken, Bläistëft, Farde, Bichelchen, Päsch,...) a loossen Iech d'Rechnung beim Schoulufank zoukommen. Merci.

Ech frëen mech ob dech / Iech an wënschen dir / Iech eng schéin an erhuelsam Vakanz !

Schroeder Chiara